LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°4218 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwer d'Kannergeld bei getrennten Elterendeeler.**

1. *Wéi soll sech een Elterendeel bei den Deklaratioune vun der Zukunftskeess uleeën, wann si hei no Informatioune vum aneren Elterendeel gefrot gëtt, mee keng Informatiounen iwwert hiren Ex-Partner liwwere kann, wéi zum Beispill zur Beschäftegungssituatioun?*

D'Zukunftskeess ass sech bewosst, dass et Situatiounen gëtt, wou d'Eltere kee Kontakt méi ënnert sëch hunn an et dowéinst net méiglech ass déi néideg Informatiounen ze liwweren.

D'Persoun déi de Formulaire kritt huet, muss der Zukunftskeess dës Situatioun matdeelen. Dee Moment kuckt d'Zukunftskeess fir selwer un déi feelend Informatiounen ze kommen, haaptsächlech iwwert offiziell Ufroen bei auslänneschen Kannergeldkeesen. Alternativ, falls dat net méiglech ass, hëlt d'Zukunftskeess eng individuell Decisioun fir den Dossier - trotz feelenden Informatiounen - ze regulariséieren.

2. *Wat geschitt, wann eng Persoun ee Formulaire, wéi d'Déclaration de la situation professionelle, no beschtem Wëssen ausfëllt an ënnerschreift, an sech duerno erausstellt, datt den aneren Elterendeel falsch Informatioune ginn huet (zum Beispill wann sech erausstellt, dass si am Ausland geschafft huet)?*

Wa sech erausstellt, dass d'Informatiounen iwwert d'Beschäftegungssituatioun vum Elterndeel net richteg oder net komplett waren an dat en Impakt op d'Prioritéite beim d'Aubezuelen vum Kannergeld huet, gëtt den Dossier nodréiglech tëscht Keesen regulariséiert. Vu dass en Urecht op Kannergeld zu Lëtzebuerg besteet, kann et héchstens sinn dass d'Zukunftskeess de volle Montant ausbezuelt huet, obwuel en anert Land en Deel dovunner hätt missen iwwerhuelen. Dësen Deel gëtt dann nodréiglech vun der Zukunftskeess bei der zoustänneger auslännescher Keess zeréckgefrot, wouvun d'Famill awer näischt matkritt an och net penaliséiert gëtt.

3. *Wéi gëtt verhënnert, datt Kannergeld (dat dem Kand zegutt soll kommen) ënner bürokrateschen Onkloerheeten oder bei Konflikter tëscht den Elteren iwwer Méint blockéiert gëtt?*

D'Zukunftskeess ass sech iwwert d'Wichtegkeet vum Ausbezuelen vum Kannergeld bewosst a leet vill Wäert drop d'Dossieren esou séier wéi méiglech ze regulariséieren. Donieft muss awer ëmmer sécher gestallt ginn dass d'Prestatiounen déi ausbezuelt ginn berechtegt sinn an all déi néideg Conditiounen erfëllt sinn. Fir dat kënnen z'iwwerpréiwen, brauch d'Zukunftskeess eng Rei Informatiounen ouni déi et onméiglech wier dat ze garantéieren.

Fir punktuell Fäll mat Konflikter tëscht Elteren, respektiv aner Problemer oder Onkloerheeten, déi net de Reegele no kënne geléist ginn, huet d'Zukunftskeess spezifesch intern Prozeduren déi et erméiglechen, pragmatesch an individuel Léisungen ze fannen an esou ze verhënneren dass d'Ausbezuele vum Kannergeld ze laang ausbleift.

Lëtzebuerg, den 27. Juli 2026

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn